Jonglënster, de 14. Juli 2025

# 20. Reunioun – Rapport

**08. Juli 2025 – Centre Polyvalent „Gaston Stein“**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d’Presidence un d’Membere vun der Kommissioun.

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapport vun der 19. Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Debrief – Lënster Wibbelt

- Am grousse ganze kann een ënnersträichen, dass d'Zesummenaarbecht ganz professionell ass an immens gutt klappt.

De Feedback an der Kommissioun:

- **ENTREE**
  - Mir hu festgehalen, dass et wichteg ass d'Entrée schonn ab 15 Auer Startbereet ze hunn. Ganz vill Leit si schonn éischter sur place.
  - Hei mussen däitlech méi Vélosstänneren opgeriicht ginn.
  - D'Dieren an der Sportshal si net elektresch mee relativ schwéier, dëst mëscht insbesonnesch fir PMR net esou einfach.

- **BÄNNERCHER**
  - Mir hunn eis dofir ausgeschwat zwou verschidden Zorte Bännercher anzeféieren déi allebéid nummeréiert sinn. Esou muss festgehale gi bei wéi enger Nummer mir ufänken. Dëst erméiglecht et eis festzehale wéi vill Leit aktiv un de Sportsaktivitéiten deel huelen a wéi vill einfach esou op d'Event laanscht kommen. Zudeem muss am Virfeld kloer festgehale si ween alles a wee kee Bännche kritt. Veräinsmemberen déi op engem Stand respektiv enger Sportsaktivitéit hëllefen, sollen hir Bännercher direkt scho beim Briefing kréien.

- **QR-CODE**
  - Et soll méi mat QR-Code geschafft ginn, esou zum Beispill op de Pläng vum Site. Dëst och mat Erklärungen op de véier Sproochen zum Oflaf vum Event.

- **STEMPELKAART**
  - Et ass festgehale ginn, dass 4 Aktivitéiten ze wéineg ware fir beim Gewënnspill matzemaachen. D'nächst Joer soll och kloer op der Stempelkaart selwer dropstoen, wéi vill Aktivitéiten ee muss maachen.

- **SPULLWON**
  - Hei muss kloer definéiert gi wee wéini genau schafft. De System dass all Veräi säi Geschier wärend dem Event selwer spullt, huet net funktionéiert. Dëst och bedéngt, dass an der Versammlung an der Leit vun de Veräiner waren, wéi déi di um Event selwer geschafft hunn.
  - Hei muss ee Spulllompen an Dicher virgesinn.

- **KEESS + AKTIVITÉITEN**
  - Mir hu geduecht fir een Dësch nieft da Keess opzeriichten, fir hei eng Zort Pfandkeess ze erstellen. Esou dass dëst vun der Bongekeess getrennt gëtt. Hei hänkt et awer och un der Unzuel vun de Leit déi schaffen of.

- De Gedrénksstand ass der Demande vun de Leit net no komm, hei musse mindestens 4 Leit schaffen. Et gouf dëst Joer ee Gedrénksstand manner.
- Eventuell kéint een eng Yuppi Aktivitéit am TrëppelTour integréieren.

- **TERRAIN**
  - Vill Leit sinn op de Fussballsterrain gaange mat eppes fir ze iessen. Verschidde Kanner ware mat Iessen op d'Sprangschlässer. Dëst ka geféierlech an onhygieenesch sinn. Mir schwätzen eis dofir aus, d'Iessen um Terrain ze ënnersoen.
  - Eventuell een zweet Schëld „à votre risque" bei de Rodeo stellen. Bis zu engem bestëmmten Alter sollen d'Elteren dobäi musse sinn.
  - Des Weideren ass och um Terrain bei de Kanner gefëmmt ginn. Dëst ass laut dem Gesetz zu Lëtzebuerg net erlaabt. Eventuell kënne mir dëst Verbuet duerch ee Schëld nach eemol widderhuelen.

- **DATUM**
  - Beim Service Technique nofroen, wéini den Terrain neigemaach gëtt.
  - De Sekretär huet am Sportsministère nogefrot fir den Datum vun der „Nuit du Sport 2026" ze kréien.

- **DIVERS**
  - an der Hal muss alles 1 Stonn ier Veräiner komme prett sinn (Dieren a Garagen op)
  - 2 Leit vun der Kommissioun brauchen e Badge
  - Eng Rëtsch Veräiner an der Hal hu schonn um Véirel fir 8 opgehale mat hirer Aktivitéit.
  - D'nächst Joer 2 Stonne Schichte fir de Spullwon, dëst ugepasst un de Subsideschlëssel
  - Eventuell Sanktioune wann eppes erëm net geklappt.

## 5) Avis Ëmfro Sportsveräiner

- De Sekretär huet den Avis iwwert d'Verbesserung fir d'Sportsveräiner der Kommissioun presentéiert. Dësen haten alleguerten d'Memberen am Viraus kritt. Zesumme si mir duerch déi eenzel Punkte gaangen. Et goufen nach kleng Upassunge gemaach.
- Domadden ass dëse Projet elo quasi ofgeschloss. Mir wäerten den Avis dem Schäffen- a Gemengerot zoukomme loossen. Des Weidere wäerte mir och ufroe fir dësen Avis däerfen de Sportsveräiner ze ginn.

## 6) Avis Biergeréierung

- De Schäfferot huet eis een Draft vum Reglement betreffent der neier Biergeréierung gescheckt. Hei hate mir an der 19. Versammlung een éischten Austausch. Dëst hu mir elo an dëser Versammlung verdéift.

- Dëst Event ass komplementär zu „aller Sportleréierung“ ze verstoen. Déi „fréier“ Sportleréierung wäert nach wie vor stattfannen, um nämmlechten Datum, ebe just 1 Stonn virun der Biergeréierung.
- Zesumme si mir Punkt fir Punkt duerch gaangen an hu méiglech Ännerunge gemeinsam beschwat. De Sekretär huet fir den Dag drop een Avis mat all dëse Virschléi geschriwwen. Bis Donneschdes den 10. Juli 22 Auer konnten alleguerten d'Memberen hire Feedback ginn. Esou konnt den Avis nach mat an de Gemengerot fléissen an deem dëst neit Reglement gestëmmt gëtt.

## 7) Update – Gamechangers

- D'Presidentin an de Sekretär vun der Sport- a Jugendkommissioun hunn un der Formatioun „Gamechangers - fir e staarke Benevolat am Sport“ deelgeholl.
- Hei hunn si eng Rëtsch vun Informatioune kritt, ënnert anerem de „Guide du Bénévolat“. Et ass entscheet ginn, dass mir déi digital Versioun per Mail un alleguerten d'Sportsveräiner schécken.
- Zudeem huet den INAPS ugebueden an d'Gemengen ze kommen an hei Formatioune fir d'Veräiner ze maachen. Als Kommissioun hu mir entscheet dëst zesumme mat hinnen unzegoen.

## 8) Paddle Visite

- Virun der Versammlung war eng Delegatioun vun der Kommissioun op Bouneweg. Duerch de Kontakt vum Maurice Bauer, 1. Schäffe vun der Stad Lëtzebuerg, hate mir d'Méiglechkeet eng Visite vun den Infrastrukture vum Paddle an der Stad ze kréien.
- De Chef vum Service des Sports, de President vum Tennis Bouneweg an hiren Directeur Sportif hunn eis wärend enger Stonn déi ganz Paddlehal erkläert. Bei dëser Visite hate mir d'Méiglechkeet alleguerten eis Froen ze stellen, a wëssen elo konkreet wat et heescht a wéi een esou eng Infrastruktur bei eis an der Gemeng kéint realiséieren.

## 9) Update – Seefekëschterennen

- Ee gemeinsame „Save the Date“ ass vun eiser Säit aus eraus gaangen an am Lënster MAG veräffentlecht ginn.
- Zesumme mat de Responsabel vun Déifferdeng geet eis Presidentin op den RTL Radio fir Reklamm fir d'Event ze maachen.
- Eng Versammlung mat deene verschiddene Servicer vun der Gemeng huet stattfonnt. Hei ass zesummen entscheet ginn, den Tracé an d'Strooss „Eneschte Léi“ verluecht ginn, dës ass hannert Rue Hiel zu Jonglënster.
- Een éischte Sponsor fir ee vun de Präisser ass fonnt. De „Pizzaguy“ vu Lënster stëft eng vun de Coupe. Am Viraus schon ee grousse Merci.

## 10) Update – Laserschwert Workshop

- D'Laserschwert Event ass op Samschdes, de 15. November festgeluecht ginn. Hei ass och schonn de Spigelsall „Op Fréinen" vun der Presidentin bei der Gemeng reservéiert ginn.
- Et gëtt ee Flyer gemaach. Hei brauche mir vun der ASBL e puer Informatioune respektiv een Text, sou wéi déi verschidde Logoen. Dës musse mir dann dem Service Communication alles komplett era schécken.

## 11) Logo

- De Service Communication vun der Gemeng huet eis dräi Propose fir de Logo geschéckt. Si hunn eis alleguerte gutt gefall, wou mir se an eiser Versammlung zesummen duerchgekuckt hunn.
- Als Konsens hu mir gefrot, ob et eventuell méiglech wier déi zweet/mëttelst Variant (grénge gewellte Männchen ouni Ball) ze kréien, mee seng Bee gro ze fierwen. Mir denken, dass dëst déi optimaalst Variant wier.
- Hei hu mir positive Feedback krut, esou dass dëse Virschlag an der Maach ass.

## 12) Oppen Diskussiounen

- Kannergemengerot
  - Hei huet de Sekretär een Update vum SEA Päiperlék an der Gemeng ginn. Ënnert anerem hunn den Zentrum fir politesch Bildung, Plomm an och UpFondation hier Partnerschaft bestätegt.
  - Zudeem ass och ee Mediepartner mat dobäi.

## 13) Nächst Datumer

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 29.07.2025 | 18:30 | Jugendhaus | 21. Reunioun |
| 11.09.2025 | 19:00 | Buvette Op Fréinen | 22. Reunioun |
| 20.09.2025 | 09:00 | Lënster | Seefekëschterennen |

## 14) Ënnerschrëften

| | | |
|---|---|---|
| | | |
| | | |
| | | |
| | | / |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär